

Eis Actioun 'Schoul a Sprooch' an de 70er/80er Joeren... (6)

vum Lex Roth

Well nom Schoulbuch 'Das Luxemburgische und sein Schrifttum' (Bild) glat näischt Spezielles fir eis Sprooch an der Schoul méi do war – **et hat bis virum Jean Dupong wierklech kee Minister och nëmmen e klenge Fanger dofir geréiert!** – hu mir äis alt mat deem neien, net grad schoulméissege 'Lëtzebuergesch an der Schoul' zefridde ginn. Dat 'blot Buch' (Bild) war vrun allem den 'Unzékert' fir dat, wat vun duerno bis haut fir d'Lëtzebuergesch op de verschiddenen Träppleke vu Schoul bis 12 Joer entstan ass. Am Schoulministère hat eist 'Gegëmmers a Geheesch's' eppes un d'Rulle bruecht; et guff eng Zort 'prise de conscience', vun deer aus sech e sëlliche gemaach huet a mécht... domat ass déi Saach fir äis um Lafe gewiescht: Keng Léierin a kee Schoulmeeschter ka méi behapten, si hätte kee Material fir d'Fach 'Lëtzebuergesch'. Eis Missioun war domat erfüllt...



An de 'Secondaire', de Kolléisch, de Lycée? Do stong zwar fir d'éischt Joer **eng Woche-Stonn Lëtzebuergesch um Programm; déi huet dann den Däitsch-Prof an deerselwechter Klass kritt... a virum Däitsch gemaach...** ower fir d'Fach 'Lëtzebuergesch' stongen op der Zensur nëmme gëllen Nummieren. Fir de Stonneplang war dat och méi kamoud... mä fir d'Saach 'Eis Sprooch' dat Allerlescht! Eng Ausnahm: de Cornel Meder a senger Schoul zu Péiteng; an den Direktesch-Konferenzen an doriwuer eraus konnt hien sech fir eng Obligatioun heifir ower net duerchsetzen. Wat soll een do soen? Léiwer näischt.

Material? **Am 'Brunnen 1', dem Däitsch-Buch**, guff et ganz hannendran en etlech lëtzebuergesch Saachen; deer sinn alt emol ouni vill Commentairen auswenneg geléiert ginn, an domat hat et sech. Fir d'Actioun-Lëtzebuergesch alt erëm eng Ursach weider, fir um Schoulminister (Robert Krieps) ze dirängelen. D'Resultat war d'Aarbecht vun enger spezieller Commissioun, déi de Jul Christophory an der Gitt hat. Mir hunn äis zu enger halwer Dosen un e Schoulbuch fir de 'Secondaire' ginn... doraus ass dann 1978 'TEXTER' entstan, d'éischt eng provisoresch Editioun, duerno eng zimlech flott illustréiert (Bild), déi herno nach a verschiddenen Editiounen erstémt ginn ass; de Minister Fernand Boden ass mat äis op de gudder Wee gaang.

D'Saach war heinsdo drop an drun, fir ze 'erkalen', ower de 'Puppelchen' ass zugudderlescht aus dem Juppla komm... an dappt haut éierbar. D'Actioun-Lëtzebuergesch ass mat Recht houfreg drop, well e Fachbuch am 'Kolléisch' ass natierlech eng Referenz, fir mat aneren Iddien 'unzekommen'... z. B. mam Sproochgesetz vun 1984!

(an eiser Nummer 151 dann eng aner 'Schoul-Actioun': Coursé fir Auslänner)

■ L.R.



Das Luxemburgische und sein Schrifttum / Lëtzebuergesch an der Schoul / Lëtzebuergesch Texter

Sprooch a Kris...

Der Jomer huet äis zwar nach net plattgewalzt... ower dat déckt Enn wäert alt nach kommen. Wien d'Aen opdeet an dem Verstand eng Chance gëtt, dee weess, **wou dat Ongeheier aus watfir Lächer gekroch ass.** Mat Sécherheet ass et d'Bankgeheimnis net, dat de Gelddraachen et méiglech gemaach huet, déi ganz ekonomesch Welt vun de Been ze huelen... mä, gelldir, et kann ee sech jo alt ëmmer emol un deene Krappge reifen, wann et schaufel gëtt... dat erënnert een un déi ural **Fabel vun der Déierepesch: herno konnt den Iesel fir alles... de Wollef, de Fuuss, de Léiw... 'déi Déck' hate just nëmme Pech!**

Si mir deer Ieselen? Ganz sécher net wäit dovun... wa mir äis dofir hale loosse; klor net, **wa mir weisen, datt mir eng historesch, eng ekonomesch an eng kulturell Identitéit hunn...** déi och keng arrogant norwegesch/franséisch fréier Riichterin (fir hir EU-Parlament-Kandidatur, mat enger fuddeleger Nationalitéite-Féckmillche) veruze kann... ça, c'était du 'Joly'! Eent vun eisen Identitéitselementer ass ganz sécher eis Sprooch an – doduerch/doriwwer eraus – eise Sproochgebrauch... eng Ursach méi, datt mir dofir solle riichtstoen! Wa mir eist Gesiicht net éierbar weisen, dann deet egal watfir ee Blani äis eng Bokemaal op! ■ P.W.

Moossen an umoossen

Iwwerleet emol gutt, watfir eng Ennerscheeder an deem Wuertfeld vis-à-vis vum Däitsche bestinn... an dir sidd verwonnert! Probéiert emol op Däitsch ze soen, dir wiert eppes *umoosse* gewiescht, oder dir wiert 'an d'Umooss' gaang. Gewëss hu mir 'anmassen' am Däitschen, ower sënneisseg ass een total dolaanscht, wann ee seet, hie wiert 'zum Schneider anmassen' gewiescht; sot ower och net, de Pitt hätt sech eppes 'ugemoost', wouop hie kee Recht hätt; dir kënnt ower soen, dir hätt engem Männi eng 'erofgemooss', mä do kommt dir alt erëm am Däitschen mat 'eine herabgemessen' net ganz wäit.

Hei hu mir et mat engem Sproochgebitt ze dinn, dat sech wëssenschaftlech 'Semantik' vernetzt, fir zesoen, datt et sech ëm d'Bedeutung vun de Wieder dréint. Egal wéi, leider huet een nach näischt dovun op eiser UniLu matkritt, oder...? ■ H.M.

KLACK Nummer 150!

Wéi bei esou sëllichen neien Initiativen, ass och 1993 – also vru ronn 16 Joer! – dru gezweiwelt ginn, ob d'Entreprise 'eng KLACK fir eis Sprooch' richteg op d'Been geng kommen a stacken. Dovunner d'äerf een sech ower net 'wibbelbänzeg/äppeldänzeg/daddereg' maache loosse, scho guer net vun oninteressanten Herrgottskanner, déi deemools wierklech am léifste gehat hätten, d'Saach giff esou séier wéi méiglech an de Gënz goen... maja.

Et héiert een haut esou dacks dee gelungenen (a falschen!) Ausdrock vun 'Nohältegeet'... do geet op Lëtzebuergesch rieds vu 'bäihalen'... mir hu mat eiser KLACK bäigehal... an hale kengem eppes no, deen äis d'Kundel (☺) ëm den Hals gewënscht hat... och deenen net, déi am Ufank mat ugerappt... mä net bäigehalen hunn!

Eist 'bescht Päerd' huet sech ni verwalde gelooss, ouni Scheiklappen. Eis KLACK ass bekannt wéi den 'Donkelzer Wollef'. Si huet eiser Sprooch an deer ganzer Problematik driwwer a ronderëm kéipweis Déngschter geleescht. D'KLACK kënnt 10 mol d'Joer a méi ewéi 110.000 Exemplairen eraus ënnert d'Leit. Dat maache wäit iwwer 1.100.000 'Impulser/Impakten' d'Joer... vrun allem duerch d'Stäip vum WORT, dem TAGEBLATT an dem JOURNAL, deene mir hei dofir e waarme Merci soen.

Datt net ëmmer alles exemplaresch dran an drun a rondrem war, ass gewosst; mä wien näischt mécht, dee brécht och näischt, gelldir... op jidfer Fall huet bis elo nach kee KLACK-Maachert och nëmmen e rouden 'Zent' un der Saach verdéngt; eng Éieresach an eise Veräin! Wann dir bedenkt, datt eng Zeitungssäit ronn 6 normal Buchsäite gëtt, da kimme mir mat den néidegen Illustratiounen an dem 'layout' op ronn 4 Bicher vu 300 Säiten. Gewëss: e Buch ass méi eppes 'Bäihälteges'... mä d'Zeitung ass méi lieweg a vrun allem e Lies-Fong fir x-Dausende vu Leit, déi knapps Bicher kafen. A mir wëlle jo 'an d'Breet wierken'. Et gong an et geet!

Dat linguistescht Opschaffe vun der KLACK iwwerloosse mir gär jidderengem, deen sech eng Kéier zerguttst an esouguer wëssenschaftlech domat wëllt ofginn. No engem seriöse Gespréich mat äis, leie fir déi Leit och all Copié vun den 150 Nummere KLACK prett. 'Copyright' gratis!

Soulaang 'Deen do uewe' matspillt an d'Freed un der Saach et erlaabt, gi mir d'Garantie fir d'KLACK. Merci fir den Intressen an d'Frëndschaft... och fir déi vill Froen, déi d'KLACK erauslackelt! Bis... ■ AL

Hannebäi a vir widder!

Dat ass deer richteger genësseger Ausdréck aus eiser Sprooch een. E passt och nach op méi wéi eng Manéier bei dat, wat sech dës Zäit an der Welt-Economie doruechter deet. Wann et net méi richteg *hannerzeg a vijenzeh* (nach esou eng flott lëtzebuergesch Wuert-Koppel!) geet, da stinn déi Stärkst, déi Gréisst mam Réck widdert der Mauer... an dat nenne mir dann esou 'plastesch': **Si sinn hannebäi a vir widder!** Sot emol een, dat wier net dee gellegen Ausdrock fir dat, wat sech 'global' als Tsunami zesummebrutscht. Mir hunn nach esou typesch eiser Ausdröckweisen, fir ze soen, datt et schlecht geet... vläicht aus deer Zäit, wou et de Lëtzeburger alles wéi net gutt gaang ass: *Si wëssen hiner Hänn kee Roots méi – si sëtze mam A... am Dreck* asw. Hier passt ower och nach eng ganz flott lëtzebuergesch Riedensart: **Mir sollen äis net verkëppe loosse!** ■ L.R.

Da meng alt!

Probéiert emol fir dat op Däitsch oder Franséisch eriwuerzebréngen. Mä, éierlech, ass et iech ewell opgefall, wéi typesch déi 'Mengerei' 'EISES' ass? Do stécht nach méi dran: *Hie mengt (bretzt) sech* mat sengem neien Auto – d'Justine ass e *vermengtent Hénkel* – *Du brauchts Dech net dofir/domat ze mengen...* dofir musst dir an anere Sprooch vill an dacks rondrem de Bräi schreiwen, fir deeselwechte Gedanken erauszekréien. Am **Buch 'EISES'**/Actioun-Lëtzebuergesch, dat dir a jidfer éierbarem Bicherbuttek fannt, stinn deer stacklëtzebuergesch Ausdréck 'säckweis'... dir kënnt iech stonneweis domat 'ameséieren'... et kascht nach net emol de Präiss vun enger Pizza... mä et hält (sproochlech) immens gutt bäi... nom Denksaz: Eis Sprooch ass net esou aarm, wéi mir sprooch-aarm sinn! ■ P.W.

Ceterum censeo... (30)

Dir gesitt, datt **och dës Rubrik fir d'Lëtzebuergesch an eiser Constitutioun eng ronn Zuel opweises** huet: 30 mol an eiser KLACK = 3 Joer laang! Et sinn der ower op d'mannst 9 hier, zënter datt de gudder Willy Bourg, getréischt, schrëftlech mat äis an deer Saach op de Wee gaang ass, fir eppes an der Chamber un d'Wibbelen ze kréien. Dofir soll kee Politiker, keng Partei a keng Lëscht eng Initiativ u sech rappen, déi **klor noweisbar EIS** bleift. Punkt!

Ee Resultat schengt elo sécher: d'Lëtzebuergesch gëtt endlech an eiser Verfassung ernimmt. Mä et leeft an der Text-Propos nach zevill 'niewelaanscht', **aplaz ganz däitlech als d'Sprooch vum Grand-Duché am Grondgesetz ze stoen.** Keen huet eppes dogéint, datt d'Constitutioun festleet, wéi et sech gesetzlech mam Gebrauch vun anere Sproochen um administrativen a justiziären Plang soll/kann hunn. Do ass nach eng klor Motioun fälleg!

Eist neit Nationalitéitsgesetz verlaangt riichtewech, datt ee muss Lëtzebuergesch kënnen/léieren, fir Lëtzeburger ze ginn! Mä dann ass et jo no aller Logik nëmme richteg, wa mir bei eise Text-Virschlach fir d'Verfassung waren a bleiwen: **La langue nationale du Grand-Duché est la langue luxembourgeoise; en matière administrative et judiciaire, l'emploi des langues est réglé par la loi.** Firwat dann nëmme verschimmt soen, de Staat misst sech 'ëm eis Sprooch bekëmmere'... wat dat dann och ëmmer heescht.

Hei gëtt et just e 'Jo' oder en 'Nee', keen Émgeréits, keng Fisematenten... fillt eise Kandidaten doriwuer emol bis de 7. Juni **op déi schéin Zänn...** déi si desër Deeg dach all sou gär weisen. ■ L.R.